




Nodeems eis Sortie op Freux am Fréijoer ausgefall war ass eise Club elo den 31. Mee op Freux bei Libramont gefuer fir mat der Méck ze fëschen. Schonn am Laf vun der Woch ewéi mir des Sortie geplangt hu sot eise President dass Ree gemellt wär fir Samschdes, dat sollt sech am Laf vun der Woch nach steigeren ewell um Virowend hunn se scho kräfteg Donnerwiedere viraus gesot a mir sollten an deier Hinsicht och net verschount bleiwen, mee dozou spéider méi. Ewéi ech um Séi ukomm si waren eis Fëscher schonn ee gudde Strapp am gaangen a se hu schonn ee bësse geknoutert ewell och zu Freux war et des Kéier net einfach wat wuel op déi bevirstoend Wiederkapriolen zeréck ze féiere war. Et sinn natierlech Fësch gefaange gi woubäi haaptsächlech déi dresche Méck Erfolleg versprach huet a genee esou ewéi mir et aus der Vergaangenheet kannten, waren d´Fësch nawell a stattleche Gréissten déi gefaange gi sinn an ze guer ee Kaarp war gefaange gi vum Sedat dee mam Naachen eraus gefuer war.















Moies schonn hat eis Equipe déi sech em d´Grille këmmert de Schwenkgrill opgeriicht an Alles preparéiert ewell et ass ëmmer erëm eng grouss Freed wa grillen ugesot ass ewell doranner si mir richteg gutt a genéissen dat dann och a vollen Zich. Ewell Moies nach d´Sonn geschinnt hat gouf de Grill och extra am Schied opgeriicht mee sollt sech awer als net déi beschten Iddi erausstellen och wann et Moies scho gutt iwwerluecht war mee et konnt een zu deem Moment och nach net viraus gesinn dass ewéi et Mëttes sollt lass goen ewéi Abee mol ee fatzegt Donnerwieder eis ee Stréch duerch d´Rechnung sollt maachen. Mee wann et em d´Iesse geet ass net mat eise Fëscher ze spaassen, séier hunn sech ee puer Fräiwëlleger fonnt an hunn déi scho rout gliddeg Kuele kuerzer Hand an d´Scheier verfracht esou dass mir dunn eben an der Scheier gegrillt hu wat zudeem och nach ganz lëschteg war. Hei ass dann och d´Geleeënheet fir eise Kolleegen déi esou séier reagéiert haten op dësem Wee villmools Merci ze soe fir hiren Asaz si Sie dach dobäi zopp naass gi mee och dat konnt Se net zeréck halen ewell ewéi schonn erwäänt wann et em d´Iesse geet dann ass esou een Asaz scho gerechtfertegt.














Freux ass awer och ganz vill Natur an dat ass eis als Méckefescher och net egal ass d´Méckefëschen dach u sech net nëmmen d´Kinneks Disziplin vum fësche mee zu deem och nach eng Liewensastellung a mir als Méckefescher sinn duerfir och gewellt eis Passioun esou schounend ewéi méiglech géigeniwwer der Natur an de Fësch auszeliewen. Esou hu mir eis Mëttes nodeems mir eis gestäerkt haten erëm op de Wee bei d´Waasser gemaach. De Misch hat am séiersten den Dréi eraus an hat eng Method fonnt déi Him nawell vill Fësch bruecht huet. Mir haten och des Kéier erëm een ereegnisräichen Dag dee mir zesummen a beschter Komerodschaft verbrénge konnten a mir wäerten och an Zukunft wa mir zesumme setzen eis nach oft un des Sortie erënneren.










BOFFERDING

